Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass och dat esou decidéiert.

## 8. 8695 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme

Da komme mer elo zum Projet de loi Nummer 8695 iwwert d'Bekämpfung vu Geldwäsch an Terrorismusfinanzéierung. Mir hunn hei e Basismodell. Ageschriwwe si schonn: den Här Mosar, d'Madamm Hartmann, den Här Biancalana, den Här Hardy, d'Madamm Tanson, den Här Clement an den Här Marc Baum. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar.

***Rapport de la Commission de la Justice***

**M. Laurent Mosar** (CSV), rapporteur | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Justizministesch, ech hunn also de Mëtten de Pleséier, Iech de Projet de loi 8695 virzestellen. Bei dësem Projet geet et drëm, d'Gesetz vum 12. November 2004 iwwert d'Bekämpfung vun der Geldwäsch a vun der Finanzéierung vun Terrorismus op e puer weesentleche Punkten unzepassen.

*(M. André Bauler prend la présidence.)*

Konkreet geet et engersäits ëm de Comité de prévention fir d'Wäisswäsche vu Sue respektiv de Finanzement vun Terrorismus, also ëm de Kommitee, deen eng zentral Roll an der nationaler Koordinatioun an dësem Beräich spillt. Anersäits geet et ëm eng Rei nei Bestëmmungen iwwert déi sougenannt Évaluation des risques an iwwert d'Kollekt vu Statistiken, fir d'Effikassitéit vun eisem nationalen Dispositif besser kënnen ze evaluéieren an Zukunft.

D'Zil vum Projet ass soumat en duebelt:

Éischtens soll hei déi national Gouvernance am Beräich vun der Lutte géint d'Wäisswäsche vu Suen an de Finanzement vum Terrorismus gestäerkt ginn. D'Roll vum Comité de prévention gëtt elo méi kloer am Gesetz definéiert. Seng Aarbecht gëtt besser encadréiert. An et gëtt dann och eng gesetzlech Basis fir d'Fonctioun vum Coordinateur national geschaaft.

Zweetens déngt de Projet der Ëmsetzung vun den Artikelen 8 an 9 vun der Europäescher Direktiv 2024/1640. Dës Direktiv verflicht d'Memberstaten derzou, hir national Évaluation des risques reegelméisseg um neiste Stand ze halen, se op d'mannst all véier Joer ze iwwerschaffen, a wann d'Risikosituatioun dat dann erfuerdert, och Évaluation-sectoriellen duerchzeféieren. Doniewent mussen d'Memberstaaten och Statistike sammelen, consolidéieren an un déi nei europäesch Instanze viruginn. Dëst ass wichteg, well een nëmmen op Basis vu kompletten Donnéeë kann evaluéieren, ob e System an der Praxis och wierklech effizient fonctionéiert.

Dëse Projet gouf den 29. Januar 2026 vun der Justizministesch deposéiert. An der Justizkommissioun vum 12. Mäerz 2026 ass de Projet virgestallt ginn, an ech si selwer als Rapporteur designéiert ginn.

De Staatsrot huet säin Avis den 21. Abrëll 2026 ofginn. An dësem Avis huet de Staatsrot keng Bemierkunge gemaach zu deenen neie Bestëmmungen iwwert d'Évaluation des risques a Statistiken. Hien huet awer zwou Opposition-formellen zu de Kompetenze formuléiert, déi am initiale Projet dem nationale Coordinateur zougeduecht waren. Dem Staatsrot no dierften nämlech engem Agent, deen ënnert der Autoritéit vum Minister steet, keng eege gesetzlech Kompetenzen zougewise ginn, déi eigentlech an d'Attributioune vum Minister falen. Dat hätt Problemer am Hibléck op d'Artikelen 90 an 92 vun eiser Verfassung gemaach.

D'Justizkommissioun huet dowéinst de 7. Mee 2026 en Amendement parlementaire ugeholl, fir op dës Kritick anzegoen. D'Missioune vum Coordinateur national, esou wéi se am initialen Text virgesi waren, goufen aus dem Projet gestrach.

Zur selwechter Zäit gouf preziséiert, datt de Comité de prévention vum Minister, deen de Kampf géint d'Geldgeldwäsch an d'Finanzéierung vun Terrorismus a sengen Attributiounen huet, presidéiert gëtt. Am Fall, wou de Minister verhënnert ass, kann de Coordinateur national dës Presidence als Vertrieder vum Minister iwwerhuelen.

A sengem Avis complémentaire vum 19. Mee 2026 huet de Staatsrot confirméiert, datt dës Ännerungen him erlaben, seng zwou Opposition-formellen opzehiewen.

D'Chambre de Commerce huet sech fir hiren Deel an hirem Avis vum 18. Mee 2026 och mam Projet befaasst a festgehalen, datt dëse Projet dozou bäidréit, den nationale System ze stäerken an déi europäesch Obligatiounen ëmzesetzen. Si huet also expressement hir Approbatioun zu dësem Projet ginn.

Am Ganzen – an ech hunn dat elo scho virdru gesot – geet et also ëm e ganz wichtegen Text, deen op enger Rei Punkten eis aktuell Gesetzgeebung punktuell nach preziséiert an och verbessert. E mécht den nationale System méi kloer, méi kohärent a méi effikass. E stäerkt d'Roll vum Comité de prévention. E suergt fir eng besser Évaluation des risques an erméiglecht eng méi strukturell Sammlung vun Donnéeën a Statistiken.

Gläichzäiteg gëtt mat dësem Projet europäescht Recht an nationaalt Recht ëmgesat, an dat an engem Beräich, dee fir d'Integritéit vun eisem Finanzsystem a fir d'Vertrauen an eis Institutioune vu grousser Bedeitung ass.

***Discussion générale***

Domadder dinn ech dann d'Kap als Rapporteur aus, verweise fir weider Detailer op mäi schrëftleche Rapport an doe ganz schnell d'Kap vum mandatéierte Spriecher vu menger Fraktioun un, fir fir d'alleréischt ze soen, datt mir natierlech eisen Accord zu dësem wichtege Projet wäerte ginn.

Erlaabt mer awer vläicht, dräi ganz kuerz Remarke generell zu der Thematik vum Wäisswäsche vu Suen ze maachen:

Mir sinn eigentlech am Moment als Land gutt opgestallt. Mir si ganz bäi bei den Texter, déi mer ëmzesetzen hunn. Mir hunn eis och eng Rei vun Institutioune ginn, déi ganz aktiv an der Lutte géint d'Wäisswäsche vu Sue sinn. An hei wäert – an dat hunn ech virdru jo och als Rapporteur gesot – de Comité de prévention eng extreem wichteg Roll spillen.

Déi zweet Remark, déi ech awer wollt maachen, ass, datt ee sech, wann ee vu Wäisswäsche vu Sue schwätzt, och permanent muss adaptéieren, well och déi Leit an déi Kriminell, déi esou Sue wäisswäschen, natierlech och permanent hir Instrumenter un eis Legislatiounen upassen. An do ass eigentlech ee Punkt, dee mer e bësselche Suerge mécht. Dat ass deen, datt awer ganz vill Suen am Moment wäissgewäsch ginn iwwert déi sougenannte Kryptoassets, déi net ëmmer ganz einfach ze kontrolléiere sinn. Et muss een einfach wëssen, datt sech elo scho ganz vill Aktivitéiten dohinner verlagert hunn. An ech mengen duerfir, datt et och wichteg ass, datt mer souwuel eis Justiz wéi och d'Police-judiciaire-Autoritéiten esou opstellen an hinnen och d'Moyene ginn, fir besonnesch och an dësem Domän kënnen effizient virzegoen.

Eng drëtt Remark – an dat ass dann och meng lescht Remark –: An deem ganze Beräich vum Wäisswäsche vu Suen a Finanzement vun Terrorismus ass déi international Kooperatioun vun enger eminenter Wichtegkeet, notamment och wat déi ganz Kryptoassets ubetrëfft. An et ass och do gutt, wa mer dës international Kooperatioun och permanent mat eisen Nopeschlänner, mee och doriwwer eraus, verstäerken.

Dat gesot, bréngen ech, wéi gesot, hei den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Här Mosar. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann agedroen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Jo, merci, Här President. Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner, déi reegelméisseg Evaluatioune vum GAFI hunn. Bei deem leschten Evaluatiounszyklus hu mer relativ gutt ofgeschnidden, dat och, well an deene leschte Joren eng ganz Rei legislativ Texter hei gestëmmt goufen a well mer do och eis Aarbecht maachen, déi gefrot gëtt.

Et ass wichteg, dass grad e Land, dat eng grouss Finanzplaz huet – an ech mengen, dat ass och vu mengem Virriedner ugeschwat ginn –, sech och deen néidege legale Kader gëtt, fir dass déi Finanzplaz och esou evoluéiert, dass et keng Schlupflächer gëtt an dass do och alleguerten d'Reegelen agehale ginn an dass mer grad och Blanchiment a Finanzement vun Terrorismus mat alle Mëttelen hei prevenéieren.

Dat heiten ass ee weideren Text a Richtung vun enger, voilà, nach besser opgestallter Legislatioun géint de Blanchiment an de Finanzement vum Terrorismus. Duerfir ass dat en Text, dee mir als Demokratesch Partei ënnerstëtzen. An ech géif menger Fraktioun recommandéieren, dëse Projet de loi dofir och matzestëmmen.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Hartmann. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Dan Biancalana agedroen. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Jo, Lëtzebuerg huet an de leschte Jore vill Efforten ënnerholl, fir géint Geldwäsch virzegoen an huet sech och do déi néideg Instrumenter ginn. Am leschte Rapport vum GAFI a bei senger Visitt hu mer jo och méi positiv Réckmeldunge kritt, well mer eng ganz Rei Recommandatiounen zefriddestellend erfëllt hunn.

Mir sinn also net méi wéi vun 2010 bis 2012 op der Groer Lëscht gelant. Mat dësem Projet de loi gi mer op alle Fall e Schratt weider, fir eis an deem Sënn och weider gutt opzestellen. A mir hunn et jo och scho virdrun héieren: Konkreet transposéiert de Projet d'Artikelen 8 an 9 vun der Direktiv, déi sech op d'Bewäertung vun den nationale Risiken an op d'Sammlung vu statisteschen Donnéeë bezéien. Ech mengen, dat sinn och Instrumenter, déi wichteg sinn, och fir déi nächst Evaluatioun, déi de GAFI mécht an déi och deementspriechend virun der Dier steet, wou och déi reell Effikassitéit vun eisem System wäert beurteelt ginn.

Mee dann, mengen ech, huet dëse Projet de loi awer effektiv och eng méi breet institutionell Fro adresséiert, nämlech d'Verdeelung vun de Missiounen

téschent dem Preventiounskommitee an dem nationale Coordinateur am Kampf géint d'Geldwäsch an d'Terrorismusfinanzéierung. An ech mengen, och do ass dee gewielte Wee, dee mer hei gaange sinn, och dee richtegen, och wann dann herno eng wichteg Korrektur virgeholl gi war. Well effektiv och do en éischten Usaz war, dat jo am Kader vun engem Règlement grand-ducal festzehalen, an dat schlussendlech och iwwert, mengen ech, d'Opposition-formellë vum Staatsrot elo an d'Gesetz deementspriechend kënnt.

Et bleift awer, mengen ech, bei där doter Missioun vum Preventiounskommitee an och vum Coordinateur eng oppe Fro fir d'Zukunft, déi mer elo nach net wëssen. An ech mengen, d'Praxis wäert eis weisen, ob dës bewosst Roll vum Coordinateur am Alldag vum Comité de prévention duergeet, fir eng effikass national Koordinatioun ze garantéieren, virun allem mat Bléck op déi zukünfteg GAFI-Evaluatioun, wou déi reell Effikassitéit vun eisem System, wéi gesot, um Spill steet. Also, dëse Projet ass am Fong och just den Ufank vun engem och méi grousse Prozess am Kader vun der nächster Evaluatioun.

De Kampf géint Geldwäsch- an Terrorismusfinanzéierung ass am Fong kee stateschen Dossier. An dëse Projet de loi weist eis et alt erëm. D'Risiken, Methoden an international Standarden entwéckele sech permanent weider. Dat maachen natierlech och eis Police, eis Police judiciaire an och eis Justizautoritéiten um nationale Plang an och um internationale Plang. Och eis Institutiounen an och eist Haus mussen deem Rechnung droen, ouni dobäi och d'Qualitéit am legislative Prozess aus den Aen ze verléieren. An deem Sënn ass dëse Projet e ganz, ganz wichtege Schrëtt. Mir droen de weidere Recommandatioune vum GAFI Rechnung.

An dofir ginn ech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Här Biancalana. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Dan Hardy agedroen. Här Hardy, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Hardy** (ADR) | Jo, merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, wa mir iwwer Geldwäsch a Finanzéierung vum Terrorismus schwätzen, da stellen dës net nëmme Problemer fir d'Banken oder soss Finanzinstitutiounen duer. Heibäi handelt et sech ëm eng reell Gefor fir d'Integritéit vun eisem Wirtschafts- a Finanzsystem. D'Bekämpfe vun dëse Phenomeener erfuerdert dofir net nëmmen déi néideg Instrumenter, mee och eng gutt Koordinatioun tëscht den zoustännegen Autoritéiten an eng fréi Identifikatioun vu méiglече Risiken.

Genee hei setzt de Gesetzesprojet 8695 un. Dee gesäit zwou weesentlech Verbesserunge vir:

Engersäits gëtt d'Roll vum Comité de prévention du blanchiment et du financement du terrorisme méi kloer am Gesetz festgehalen. Seng Missioune gi preziséiert an d'Koordinatioun tëscht den zoustännegen Acteuren op eng méi zolidd gesetzlech Basis gestallt.

Anerersäits ginn nei Bestëmmungen agefouert, déi d'Evaluatioun vun de Risiken an d'Sammele vu statisteschen Donnéeë betreffen. D'Risike solle reegelméisseg iwwerpréift ginn. Bei Bedarf kënnen och sektoriell Evaluatioune gemaach ginn. An duerch déi gesammelt Donnéeë soll besser kënnen analyséiert ginn, wéi effikass déi bestoend Mesüre sinn.

D'ADR begréisst dës Upassungen. Si droen dozou bäi, méi Kloerheet an de gesetzleche Kader ze bréngen an d'Aarbecht vun den zoustännegen Instanze besser ze organiséieren. Dat ass besonnesch wichteg an engem Beräich, an deem d'Risike permanent zouhuelen – mir hunn et virdrun héieren – an ëmmer nees nei Forme vu Mëssbrauch optrieden. Déi eigentlech Fro ass awer, wéi sech dës nei Instrumenter an der Praxis bewären. Genee dorunner wäert sech den Erfolleg vun dëse Mesüre moosse loossen.

Fir d'ADR geet dëse Gesetzesprojet op alle Fall an déi richteg Richtung. Déi virgesinne Mesüren hunn hire Wäert net am Sammele vun Donnéeën u sech, mee an der Méiglechkeet, déi nei Erkenntnisser an der Praxis ze notzen. Wa Risiken a méiglech Schwaachstelle méi fréi erkannt ginn, kënnen d'Kontrollen och méi geziilt agesat ginn an déi zoustänneg Autoritéite méi séier reagéieren.

Aus eiser Siicht schaaft dëse Gesetzesprojet déi néideg Viraussetzungen, fir genee dat ze erméiglechen. Ob dëst an der Praxis och zu enger méi séierer an effikasser Bekämpfung vu Geldwäsch an der Finanzéierung vum Terrorismus féiert, wäert sech weisen. D'Grondlag dofir gëtt awer mat dësem Gesetzesprojet geluecht. Dofir stëmmt d'ADR deem Gesetzesprojet zou.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci Iech, Här Hardy. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madamm Sam Tanson agedroen. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Jo, ech wäert elo net nach eng Kéier de Rapport fir d'fënneft widderhuelen, mee ech denken, dass et effektiv wichteg ass. No dem leschte Rapport – an et ass effektiv ervirgestrach gi vun enger Rëtsch Virriedner, dass mer gutt ofgeschnidden hunn an dass mer natierlech elo déi Ambitioun musse weiderféieren – ass vu villen Acteure gesot ginn: „Jo, opgepasst: Nom Rapport vum GAFI ass virum Rapport vum GAFI!" An duerfir ass et natierlech sënnvoll, weider hei ze schaffen.

Bon, deen heite Projet erfënnt d'Rad elo net nei. Et ass virun allem nach eng Kéier eng Institutionaliséierung vun den Instrumenter, déi sech schonn organiséieren, plus dann déi Transpositioun vun der Direktiv. Ech denken, dass et och nach vill Erausfuerderunge fir déi nächst Evaluatioun wäert ginn, dass mer nach méi wéi eng Kéier wäerten dorobber zréckkommen.

Jiddefalls ënnerstëtze mir dat heiten natierlech och. Ech ginn den Accord vun deene Gréngen.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Tanson. Als nächste Riedner ass den honorabele Sven Clement agedroen. Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech kann et ganz kuerz maachen. Ech maachen elo net nach eng Kéier dee ganze Rapport. Mir als Piraten kënnen d'Zoustëmmung zu dësem wichtege Projet ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Här Clement. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum agedroen. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Och mir ginn dësem Projet eis Zoustëmmung. Et ass e weidere Bausteen an der Lutte géint Blanchiment a Finanzement vum Terrorismus, an deem stëmme mir zou.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Här Baum. D'Regierung huet d'Wuert. D'Madamm Justizministesch Elisabeth Margue.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Elisabeth Margue,** Ministre de la Justice | Merci, Här President. Ech géif als Éischt dem Rapporter e ganz grousse Merci soe fir säi ganz detailléierte Rapport souwéi och allen Intervenanten, déi dësem Projet zoustëmmen. Et geet, wéi gesot, drëms, eise Koordinatiounsmechanismus a Froe vu Blanchiment a Finanzéierung vun Terrorismus méi effikass ze maachen, fir datt mer eis déi néideg Moyene ginn, siefen et Statistiken, Évaluation-des-risquen, fir kënnen eis Äntwert, déi mer als Land wëlle ginn, ofzestëmme mat all den Acteuren, déi, wéi gesot, och eng Roll do ze spillen hunn. Et ass also an deem Sënn e ganz wichtege Projet.

Et ass e wichtege Projet, fir d'Recommandatioune vum GAFI, déi mer am Rapport 2023 kruten, ëmzesetzen, fir de Rapport de suivi, dee jo och geschwënn dû ass, ze preparéieren. Ech mengen, do sinn eng Rei Saachen, déi mer hei och scho konnten zesummen an der Chamber diskutéieren, eng Rei Projeten, déi mer konnte stëmmen. Et sinn der nach ze maachen, mee ech mengen, fir genau déi Äntwert ofzestëmmen, ass deen heite Projet wichteg.

An deem Sënn géif ech Iech just e ganz grousse Merci soe fir dee breede Support.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Margue.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8695. Den Text steet am Document parlementaire 8695[5].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8695 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Domat ass dëse Projet ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par M. Laurent Zeimet), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par M. Maurice Bauer), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gérard Schockmel) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Ben Polidori et Ben Streff ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.